



WOUSST DIR SCHONN LE SAVIEZ-VOUS ?

E BIEKERECHER MAT GROUSSEN DREEM - VUM CHAUDRONNIER ZUM PILOT AN DER US AIR FORCE

En Artikel vun der Biekerecher Kulturkommissioun

LES GRANDS RÈVES D'UN JEUNE HOMME DE BECKERICH - DU CHAUDRONNIER AU PILOTE DE L'US AIR FORCE

Un article de la commission de la culture de Beckerich

● Fir vill agesiessen Duerfleit ass de gebiertege Biekerecher Émile Stockreiser, och Mulles genannt, eng bekannte Perséinlechkeet. Fir anerer ass seng Liewensgeschicht nach éischter onbekannt, émsou méi ass se et wäert erzielt ze ginn. Den Em, wéi hien genannt gouf, huet, wéi eis säi Brudder Norbert Stockreiser an seng Niece Cheryl Stockreiser erzielt hunn, e remarkabelen an deemoos ganz ongewéinleche Liewenswee gemaach. Hien huet sech iwwert de grousse Pull an d'USA getraut, wou hien eng aussergewéinlech Karriär als Pilot an der US Air Force ageschloen huet.

Trotz senger Rees an déi grouss Welt huet hien Biekerech ni vergiess. Hie koum reegelméisseg zeréck an d'Heemecht, a wann net op konventionellem Wee, da konnt een hien och mol op eng ganz speziell Aart a Weis um Biekerecher Himmel erblécken.

Den Em gouf den 24. Juni 1938 als Bouf vun den Elteren Stockreiser-Hoffmann gebuer. Seng éisch Liewensoer huet hien an engem harmonesche Familljen Ëmfeld zesumme mat sengen Elteren an zwee Geschwëster verbruecht. D'Famill huet an der Huewelerstrooss Nummer 78, gewunnt. Zu Biekerech huet den Em dann och seng Grondschoul absolvéiert. Fir dat 7. an 8. Schouljoer huet hie säi Bildungswee an der Oberprimärschoul zu Mamer weidergefouert, ier hien dann tëscht 1953 an 1956 eng Léier als Chaudronnier (Kesselschmatt) ugefaangen huet.

No senger Geselleprüfung huet hien säin obligatoresche Militärdéngscht ugetrueden an ass 1958 zum Sergeant ernannt ginn. Den Em huet ausserdeem während senger Zäit beim Militär fir eng fräi Plaz als Hélikopterpilot postuléiert. Allerdéngs huet sech erausgestallt, datt hien fir deen Job net déi noutwendeg gesondheetlech Kapazitéiten hat, hie war öfters mol

● Pour de nombreux habitants du village, Émile Stockreiser, né à Beckerich et surnommé « Mulles », est une personnalité connue. Pour d'autres, son parcours de vie reste plutôt méconnu, ce qui le rend d'autant plus digne d'être raconté. Em, comme on l'appelait, a suivi, comme nous l'ont raconté son frère Norbert Stockreiser et sa nièce Cheryl Stockreiser, un parcours remarquable et, pour l'époque, tout à fait inhabituel. Il a osé franchir l'Atlantique pour les États-Unis, où il a entrepris une carrière exceptionnelle en tant que pilote dans l'US Air Force.

Malgré ses voyages à travers le monde, il n'a jamais oublié Beckerich. Il y revenait régulièrement, et lorsqu'il ne le faisait pas par des moyens ordinaires, on pouvait parfois l'apercevoir dans le ciel de Beckerich, traçant sa route d'une manière tout à fait spectaculaire.



Dem Émile Stockreiser säin Heemechtshaus an der Huewelerstrooss 1948

Né le 24 juin 1938, Emile Stockreiser grandit au sein de la famille Stockreiser-Hoffmann, dans la maison numéro 78 de la Huewelerstrooss. Après ses premières années d'école à Beckerich, puis à Mamer, il choisit, entre 1953 et 1956, la voie de l'apprentissage et se tourne vers le métier de chaudronnier.

Après avoir obtenu son brevet, il a commencé son service militaire obligatoire et a été promu sergent en 1958.

Animé par le désir de prendre son envol, Émile a présenté sa candidature pour une formation de pilote d'hélicoptère. Mais les examens médicaux ont révélé une fragilité respiratoire : il a souffert régulièrement de bronchites, ce qui l'a empêché de poursuivre dans cette voie.

Émile est ensuite retourné auprès de la société des chemins de fer, où il a rencontré Henri Braun. Le frère de celui-ci, Jos Braun, a servi comme parachutiste au sein des US Army Special Forces. Le parcours de Jos, ainsi que l'enthousiasme d'Émile pour l'Amérique et le

mat liichte Bronchiten geplot.

Et huet den Em dann erëm ze-reck bei d'Eisebunn verschlo, wou hie mam Brauns Heng a Kontakt komm ass. Dem Brauns Heng säi Brudder, de Brauns Jos, war Parachutist bei den US Army Special Forces. Dem Brauns Jos säi Liewenswee, an awer och de Fakt, datt den Em begeeschtert vun Amerika an der grousser Welt war, hu bei him d'Loscht èmmer méi verstäerkt, fir iwwert den Atlantik auszewanderen.

D'Tatsaach, datt den Em an seng Famill am Zweete Weltkrich vun den Amerikaner befreit goufen, huet hien natierlech och staark geprägt, zemools wann een bedenkt, datt hien als knapp siwejäregen matkrut hat, wéi d'Famill kuerz virun der Flucht stoung. Den Em huet selwer zu sengen Liewenszäiten gesot, datt d'Amerikaner fir hien als Kand seng Idolë waren, an huet dat spéider ènner anerem mat folgende Wierder ausgedréckt: "Boys are easily impressed".

Deemno war Amerika fir hien de grousse Kandheets-dram. Keen huet den Em kenne vum Géigendeel iwwerzeegen, säin Dram war kloer: Hien wollt an Amerika. Fir datt hien déi laang Rees iwwerhaapt konnt maachen, hu d'Spuerbicher misse geraumt ginn.

Ausserdeem, war zu där Zäit den Em nach net volljäreg, hien hat knapp 20 Joer, mee gesetzlech volljäreg gouf een deemools eréischt mat 21. Säi Papp huet also nach déi noutwendeg Démarchë misse ènner-huelen, fir seng Ausrees méiglech ze maachen. Déi gréisst Erausfuerderung war awer eng aner: Den Em konnt kee Wuert Englesch. Awer och dat huet hie sech net zum Hindernis maache gelooss. Mat engem einfachen Grammophon an enger riseger Portioun Éiergäiz huet hie sech d'Sprooch selwer bääbruecht. Stonn fir Stonn huet hien d'Placke gelauscht, geléiert a widderholl, bis en sech genuch konnt ausdrécken, fir déi éischt Méint an der neier Heemecht z'iwwerstoen.

Am Februar 1960 war et dann esou wäit: De Parries Fons huet den Em vu Biekerech op d'Gare zu Arel gefouert, an fort war en, huet eis den Norbert Stockreiser ganz nostalgisch erzielt.

An Amerika ukomm, huet heen sech missten beweisen, an nach puer Méint, fir iwwert Ronnen zekommen als Schweesser schaffen. Bis hien dunn op der Lackland Base zu San Antonio am Texas seng Ausbildung zum Ground Power Equipment Operator konnt ufänken. Nieft senger Ausbildung konnt heen 1964 houfrege Titulaire vun engem Bachelor-Studium vun der Universitéit vun Arizona ginn. Hien huet sech dunn lues a lues zum Air-Force-Offizéier eropge-



Den Émile Stockreiser 1947 virun sengem Doheem zu Biekerech

vaste monde, ont renforcé son désir de traverser l'Atlantique et de tenter sa chance outre-mer. Par ailleurs, la libération à la fin de la Seconde Guerre mondiale par les Américains a profondément marqué son enfance. À peine âgé de sept ans, il avait été témoin des moments difficiles que traversait sa famille à la fin de la guerre. Emile se rappelait que, pour lui enfant, les Américains étaient de véritables idoles, un sentiment qu'il exprimait plus tard par les mots suivants: « Boys are easily impressed ».

Ainsi, l'Amérique représentait pour lui le grand rêve de son enfance. Personne n'avait donc réussi à le convaincre du contraire : son désir était clair, il voulait partir en Amérique. Pour entreprendre ce long voyage, il fallut vider les livrets d'épargne. De plus, à cette époque, Em n'était pas encore majeur : il avait à peine 20 ans, alors que la majorité légale était fixée à 21 ans. Son père a donc dû accomplir les démarches administratives nécessaires pour rendre son départ possible.

Mais le plus grand défi s'est trouvé ailleurs : Émile ne parlait pas un mot d'anglais. Pourtant, il a refusé d'en faire un obstacle. Avec un simple gramophone et une immense dose de persévérance, il a appris la langue par lui-même. Heure après heure, il a écouté les disques, a appris et a répété, jusqu'à pouvoir s'exprimer suffisamment pour surmonter les premiers mois dans son nouveau pays.

En février 1960, le moment tant attendu arrive : Fons Parries conduit Em de Beckerich jusqu'à la gare d'Arlon. Et le voilà parti, raconte Norbert Stockreiser avec une pointe de nostalgie.

Arrivé en Amérique, il doit faire ses preuves et travailler quelques mois comme soudeur pour subvenir à ses besoins. Ce n'est qu'ensuite qu'il a pu entamer sa formation de Ground Power Equipment Operator sur la base de Lackland, à San Antonio, au Texas. Parallèlement, il obtient en 1962, avec fierté, un Bachelor de l'Université de l'Arizona. Peu à peu, il gravit les échelons pour devenir officier de l'Air Force, avant d'intégrer enfin l'école de pilotage sur la base aérienne de Williams, en Arizona.

Pendant cette période, Em est resté en contact avec sa famille et envoyait régulièrement des lettres à son frère Norbert, s'inquiétant du bien-être de ses parents et de tous les membres de la famille. Dans ces lettres, il n'avait rien perdu de son sens de l'humour. Ainsi, par exemple, le 21 avril 1961, il écrivait que les filles Luxembourgeoises étaient bien meilleures que les Américaines. Selon lui, les Américaines aimait se maquiller de manière voyante, faire de longs discours et donner des

schafft, fir endlech d'Piloteschoul op der Williams Air Force Base am Arizona kënnen unzefänken.

Wärend däit Zäit war den Em émmer a Kontakt mat senger Famill a huet reegelméisseg Bréiwer un säi Bruder Norbert geschéckt an sech ém d'Wuelbefanne vu sengen Elteren an der ganzer Famill bekëmmert. An de genannte Bréiwer huet hien och net säi Sënn fir Humor verluer. Sou huet hien z. B. den 21. Abrëll 1961 geschriwwen, datt lëtzebuerger Meedercher besser wieren ewéi déi amerikanesch. Déi amerikanesch Meedercher wiere laut him gären dichteg geschminkt, géife gär laang Rieden halen a Leit kommandéieren. Ausserdeem wie- re se liddereg an d'Männer missten d'Aarbecht maachen. Heen huet dat natierlech net esou gemengt, mee dës Bréiwer hu senger Famill natierlech beim Liesen e Schmunzelen an Gesicht bruecht a konnten esou hëlfen, déi grouss Distanz tëscht hinnen besser ze verschaffen.

Den 14. Mee 1966 huet den Émile säi Piloteschän kritt. Hien ass duerno eng Zäit laang op Cambridge an England gaangen, wou hie sech als Opklärungspilot ausbilde gelooss huet. Hien ass mat de warscheinlech weltwäit performantsten a séierste Fligeren geflunn, déi d'Welt bis dohi kann huet. Ënner anerem mat Maschinnen ewéi der F-16 huet hien 1967 Opklärungsfluch iwwer dem Nord Vietnam duerchgefouert. Bei dëse Missioune ass hien och a schwéier Gefechter geroden a goulf énner Beschoss geholl. Mat senger Rou an sengem Geschéck konnt hien entkomme a krut fir dësen Asaz eng vun den héchsten Auszeechnunge vun der US Air Force. Weltwäit si bis elo just ronn 1.400 Persoune mat dëser Auszeechnung geéiert ginn.

1970 goulf hien als Piloten Trainer op d'US-Basis zu Zweibrécken detachéiert. An däit Zäit huet hien och d'Geleeënheet genotzt, mat den US-Maschinnen iwwer Lëtzebuerg ze fléien, heiansdo och relativ déif iwwer Bieke-rech. Haut erénnere sech nach vill Leit aus dem Duerf un dës Zäit an erzielen, wéi een den Émile net némme konnt héieren, mee bal spieren, wann hie mat héijer Vitess iwwer de Kuelebierg erëm Héicht gewonnen huet an d'Fénstere ge-ziddert hunn. Hien huet och d'Geleeënheet genotzt, Loftfotoe vum Duerf ze maachen, déi haut wäertvoll Dokumentatioun fir d'Archive vun der Gemeng Bieke-rech duerstellen.



Den Émile Stockreiser 1968 virun enger US Maschin



Den Émile Stockreiser an Unifrom 1979

ordres. De plus, elles se montraient un peu paresseuses, laissant tout le travail aux hommes. Bien sûr, il ne le pensait pas sérieusement, mais ces lettres faisaient sourire sa famille et l'aidaient à supporter la grande distance qui les séparait.

Le 14 mai 1966, il a obtenu son brevet de pilote. Peu après, il est parti pour Cambridge, en Angleterre, où il s'est formé comme pilote de reconnaissance. Il a eu l'occasion de piloter certains des avions les plus rapides et les plus performants jamais construits. En 1967, il a notamment effectué des missions de reconnaissance au-dessus du Nord-Vietnam à bord d'un F-16. Lors d'une de ces missions, il s'est retrouvé en plein combat et a été pris sous le feu ennemi. Grâce à son sang-froid et à son habileté, il a réussi à s'en sortir indemne et a reçu pour cette action l'une des plus hautes distinctions de l'US Air Force. À ce jour, seulement environ 1 400 personnes dans le monde ont été honorées de cette distinction.

En 1970, il a été détaché comme pilote instructeur sur la base américaine de Zweibrücken. Pendant cette période, il a également profité de l'occasion pour survoler le Luxembourg à bord des avions américains, parfois à très basse altitude au-dessus de Beckerich. Encore aujourd'hui, de nombreux habitants du village se souviennent de cette époque et racontent qu'on pouvait non seulement entendre Émile, mais presque le sentir filer à toute vitesse au-dessus du Kahlenberg, faisant vibrer les fenêtres. Il a également profité de ces vols pour réaliser des photographies aériennes du village, qui constituent désormais une documentation précieuse pour les archives de la commune de Beckerich.

Émile a pu prendre sa retraite de pilote de l'US Air Force à l'âge de 44 ans. Après sa carrière, il s'est installé en Allemagne avec sa femme, Ingrid Schade, pharmacienne, qu'il avait rencontrée lors de vols d'entraînement en mer du Nord, près de l'île de Sylt. À Berlin et à Potsdam, où il a vécu quelque temps avec sa femme et leur fille Christine, il a, malgré sa retraite, accompli pour le gouvernement américain plusieurs missions spéciales, notamment de surveillance des activités russes.

Il n'aimait pas parler de ces missions, qui se sont déroulées entre 1976 et 1978, en partie par modestie, mais surtout parce qu'elles étaient strictement secrètes.



Tëscht 1966-1968 de Kuelebierg an Huewelerstrooss vun uewen.

Als US-Airforce-Pilot konnt den Émile mat 44 Joer a Pensioun goen. No senger Carrière huet hien sech zesumme mat senger Fra an Däitschland néiergelooss. Seng Fra, d'Ingrid Schade, war Apdikterin, heen huet Si op Trainingsflich an der Nordséi bei der Insel Sylt kennen geleert. Zu Berlin a Potsdam, wou den Émile zesumme mat senger Fra an der Duechter Christine eng Zäit gelieft huet, huet hien, trotz senger Pensioun, fir d'amerikanesch Regierung nach verschidde speziell Missioune realiséiert. Ënner anerem huet hien russesch Aktivitéiten ausspionéiert. Iwwer dës Missioune vun 1976 bis 1978 huet hien ni gär geschwat, deels wéinst senger Bescheidenheet, mee och well et streng geheim an extrem geféierlech Missioune waren, déi net nëmmen hie selwer, mee och seng Famill a Gefor bruecht hätten. Och fir dës Déngschter gouf den Émile ausgezeichnet, an dat mat der Joint Services Commendation Medal. Säi leschte Déngschter huet hien dan fir d'NATO geleescht, wou hien als Major zu Kalkar am Nordrhein-Westfalen stationéiert war.

Ufank 1980er Joren huet hien sech zu Garmisch-Partenkirchen zeréckgezunn, wou hien sech mat grousser Begeeschterung senge Passiounen dem Golf an der Juegd gewidmet huet.

Och wann den Émile Stockreiser schonn den 14. Oktober 2006 verstuerwen ass, bleift hien fir d'Gemeng Biekerech eng eemoleg Perséinlechkeet. Säin Liewenswee, mee virun allem sain Éiergäiz, eppes ze bewierken, bleift eis all e Virbild, an vläicht souguer fir munch jonk Bierger a Biergerinnen eng Inspiratioun.

D'Kulturkommissioun Biekerech zesummen mat der Famill Stockreiser.



Tëscht 1966-1968 de Bëschelchen an Huewelerstrooss vun uewen.

tes et extrêmement dangereuses, mettant en péril non seulement sa propre vie, mais aussi celle de sa famille. Pour ces services, Émile a été décoré de la Joint Services Commendation Medal. Il a ensuite terminé sa carrière au sein de l'OTAN, stationné comme major à Kalkar, en Rhénanie-du-Nord-Westphalie.

Au début des années 1980, il s'est retiré à Garmisch-Partenkirchen, où il s'est consacré avec passion à ses loisirs : le golf et la chasse.

Même si Émile Stockreiser est décédé le 14 octobre 2006, il demeure pour la commune de Beckerich une personnalité exceptionnelle. Plus que son parcours, c'est son énergie et sa détermination à concrétiser ses ambitions qui demeurent un exemple pour nous tous et une source d'inspiration pour les générations futures.

La Commission culturelle de Beckerich, en collaboration avec la famille Stockreiser



Hues du och spannend Erzielungen, Anekdoten, Fotoen a Biller aus der Gemeng, déis du gäre mat eis wëlls deelen? Dann mellt dech ganz einfach bei der Kulturkommissioun vu Biekerech énnert:

As-tu aussi des histoires passionnantes, des anecdotes, des photos ou des images de la commune que tu aimes partager avec nous ? N'hésite pas à contacter la commission de la culture de Beckerich à l'adresse suivante:

 kulturkommissioun@beckerich.lu